


NEIEGKEETEN AUS DER ALSTAD

# Alstad news


23/2016

## Léif Frënn vum Comité Alstad!

Et geet erëm géint d'Enn vum Joer, an dat ass ewéi all Joer den Ament fir Iech ons nei Publikatiounen a Projetë virzestellen.

Fir d'Feierdeeg offréiere mer dëst Joer e Portfolio mat Wierker vum Joseph Kutter. De Kutter, ee vun deene bekanntsten a beschte Lëtzebuerger Moler ass den 12. Dezember 1894 an der Alstad an der Wiltheimstrooss niewent dem Schéieschlach, also als Alstadterjong, op d'Welt komm, an den 2. Januar 1941, viru 75 Joer, an der Stad gestuerwen. Als jonken Artist huet de Kutter och a sengem Quartier geschafft, a mir wëllen Iech bei Geleeënheet vun dësem ‚Kutter-Joer' 4 vu senge Wierker präsentéieren.

Dës Mapp kënnt dir bei ons bestellen, oder och op onsem Stand um Chrëschtmaart kafen. De Benefice ass dëst Joer fir onsem Frënd a Member Guy de Muyser sei Projet Mathëllef a.s.b.l um Mutferterhaff, Atelier thérapeutique pour personnes souffrant de maladies psychiques (www.mathellef.lu).



Dat nächst Joer, 2017, feiert de Comité Alstad seng 80 Joer. Et wor 1937, wou de Georges Schmitt an de Lambert Schaus de Grondstee fir onse Comité Alstad geluecht hunn, a seitdeem huet onse klenge Grupp et faerdeg bruecht, ze iwwerliewen, a joeraus joeran eng Partie kulturell Saachen op d'Been ze setzen. All deenen, déi heibei gehollef hunn, soe mir op dëser Plaz e grousse Merci.

Ons Projetë fir 2017 mat e puer flotte Surprisen, deele mir Iech mat Zeit an onsem Bulletin mat.

Mee elo schonn invitéiere mir Iech all fir den 11. November an de Kapuzinertheater op onsen Dicks-Owend, deen an dësen AlstadNews präsentéiert gëtt.

*Fir Iech all an Är Familljen schéi Feierdeeg*
*an e gutt Neit Joer*

*Äre Comité Alstad*

## Fotoë vun der Alstad gesicht.

De Comité ass zanter e puer Joer amgaang, e Fotoarchiv opzebauen, a wier ganz frou iwwert är Mathëllef.

Mir sinn op der Sich no Fotoë vun der Alstad (et kënnen och Filmer sinn, déi dir selwer gedréit hutt). Dat kënnen Architekturfotoë sinn, vu kulturelle Manifestatiounen, selbstverständlech och vun der Éimaischen. Och si mir intresséiert u Fotoë vu sportleche Manifestatiounen, déi sech um Fëschmaart ofgespillt hunn, Fotoë vu Fëschmaarter Veräiner an hiren Aktivitéiten, vun der Méchelskierch oder vu reliéise Gebräicher wéi z. B. Prëssessiounen, Kommiounen asw., och Fotoë vu Leit, déi um Fëschmaart gelieft hunn. Jee, mir sichen all Zort vu Fotoen oder Filmer, déi mam Fëschmaart ze dinn hunn.

De Comité Alstad wier frou, wa Leit, déi esou Fotoen oder Filmer hunn, dës zur Verfügung géife stellen, fir datt eng Copie kann dovunner gemaach ginn.


Et versteet sech vum selwen, dat är Originaler mat der gréisstméiglecher Suergfalt behandelt ginn, an datt se onbeschiedegt hanneschtgeschéckt ginn. – Wien hëllefe kann oder weider Informatioune brauch, soll op der Telefonsnummer 46 61 88 uruffen. Fir är Mathëllef elo schonn e ganz grousse Merci.


Comité Alstad a.s.b.l.

Siège : 1, rue de la Loge • L-1945
Boîte postale 1325 • L-1013 Luxembourg
Téléphone : (352) 46 61 88
Fax : (352) 40 97 50
E-mail : comite.alstad@pt.lu
www.comitealstad.lu

# Joseph Kutter







De Joseph Kutter ass den 12. Dezember 1894 an der Stad Lëtzebuerg an der Wiltheimstrooss um Fëschmaart op d'Welt komm. Do ass en och den 2. Januar 1941 gestuerwen. Hien ass ee vun deene bedeitendste Lëtzebuerger Moler.

Hie war de Brudder vum Fotograf Edouard Kutter sen. an de Papp vum Chemiker Dolphe Kutter.

De Joseph Kutter ass an der Stad Lëtzebuerg opgewuess, wou en an de Kolléisch an an d›Handwierkerschoul goung, well een do zeechnen a mole léiere konnt. Vun 1911 bis 1914 huet hien op de Kunstgewerbeschulen vu Stroossbuerg a München studéiert, an 1916 zu Köln Glasmolerei. 1918 huet hien heifir e puer Méint zu München d›Akademie besicht, an ass an där Stad bis 1924 bliwwen.

Wéi en 1924 zu Lëtzebuerg am Salon vum Cercle Artistique ausgestallt huet, krut en ze spieren, datt wéineg Versteesdemech fir sei kënschtlerescht Talent do war. Zeit senges Liewens huet de Joseph Kutter drënner gelidden, datt e keng Unerkennung fonnt huet. Hien huet dann och 1927 mat aneren Artisten d›Sezessioun gegrënnt.

1929 huet hien eng Rees a Südfrankreich gemaach, wou hien d›Stied Cassis, Marseille an Toulon besicht huet. Dat Joer drop ass hien erëm a Südfrankreich gereest, ënner anerem op Cannes, Nice a Saint-Tropez.

Seng Biller charakteriséiere sech schonn am Ufank duerch éischter deischter Faarftéin, ginn dann, ënner dem Androck vum Paul Cézanne méi hell, spéider ënner dem Afloss vum Expressionismus nees méi deischter. De Kutter huet Landschaftsbiller vu Venedeg, Saint Tropez a Calvi, an och Dierfer aus dem Éislek gemoolt. Hinnen entstréimt eng melancholesch Stëmmung; den Himmel oder den Hannergrond sinn deischtergréng oder schwaarz.

No den 1920er Joeren huet hien nach just zwou Reesen an d›Ausland gemaach, nämlech an Holland (1934 op Amsterdam an 1939 op Enkhuizen); d›Biller, déi do entstane sinn, hunn e méi differenzéiert Faarwespill.

Bekannt sinn och seng Kannerportraiten a Portraitë vun him selwer. Seng Selbstportraitë loosse seng bannewenzeg Onrou spieren. Eng Serie Biller vu Clownen, déi 1936-1937 entstinn, weise soss neischt wéi Niddergeschloënheet a Verzweiflung.


De Joseph Kutter huet awer och déi schéin Ecke vun der Alstad gemoolt, a mir si frou, datt mir dës Farde mat 4 Vueë vun der Alstad fir den 75. Doudesdag vum Joseph Kutter präsentéiere kënnen.


Fir déi kommend Feierdeeg kënnt dir d'Farde, am Format DIN A4 zum Preis vu 25 € beim Comité Alstad duerch Iwwerweise vun der entspriechender Zomm op ee vun onse Konte bestellen:

**bei der Spuerkees:**
**IBAN LU64 0019 1755 0897 0000**
**oder Postscheck:**
**IBAN LU02 1111 0080 8736 0000**
**oder bei der BGL-BNP Paribas:**
**IBAN LU19 0030 7564 6694 0000**
**(mam Vermierk: Farde Joseph Kutter)**

Är bestallte Farde Joseph Kutter kënnt virun de Feierdeeg vum Joeresenn um Postwee bei Iech heem.

Den Erléis vun der Vente ass dëst Joer fir onsem Frënd a Member Guy de Muyser seng Organisatioun Mathëllef a.s.b.l | Atelier thérapeutique pour personnes souffrant de maladies psychiques (www.mathellef.lu) um Mutferterhaff.





# Comité Alstad

mat der Ënnerstëtzung vun der **Stad Lëtzebuerg**

# *125. Doudesdag*

## vum Edmond de la Fontaine « Dicks »

# « Dicks-Owend 2016 »

*Op der Terrass vum Bistrot « Beim Dicks »*
*Et ass Maart. Zwee Schnëssbattië braddelen iwwer Land a Leit*
*a passend derzou gi Lidder vum Dicks gesongen.*

**Mat der Lidderuucht Lëtzebuerg**

**an der Fanfare Royale Grand-Ducale Luxembourg**

Am **KAPUZINERTHEATER**

e **Freideg**, den **11. November 2016**

**um 20:00 Auer**

**Entrée: 15 €**

Réservatioun: luxembourgticket.lu

Telefon: 47 08 95 1 • Fax: 47 08 95 95

E-mail: info@luxembourg-ticket.lu

# De Comité Alstad, d'Éimaischen an och Aneres (9)

*Zesummegestallt vum Claude Esch*

*De Comité Alstad wor eng zweete Kéier fir Groussherzoginsgebuertsdag, den 23. Januar, mat engem Won beim Fakelzuch derbäi. Am Luxemburger Wort vum 24. Januar wor ze liesen:" ... den Wagen der „Alstadt", die den unglücklichen „Kanone'er" und die „Mumm Se'ss" in der farbenbunten und reichen Gewandung der damaligen Zeit wieder aufleben ließen". Ouschtere wor am Musée eng Ausstellung ze gesinn „Tapisseries françaises anciennes et modernes". A wéi et sech jo schons gehéiert, hat d'Clausener Musek op Ouschtersonndeg den Optakt vun der Éimaischen gemaach. Dee véierten Éimaischenssouvenir um Léon Nosbusch wor eng Fëschfra, déi ënnert den Äerm eng Kuerbel dréit, geduecht fir Salz- a Pefferdëppchen. Et goufe 550 däer Fëschfrae fir 50 Frang d'Stéck zu Gonschte vun der Crèche verkaf. Am spéide Mueren hunn d' Prinzessinnne Marie-Adelaïde a Marie-Gabrielle d'Éimaische besicht.*

## ■ 1950

Iwert de Comité Alstad selwer fanne mer net mé ganz vill. Duerfir hei e flotten Artikel vum Robert Thill aus em Tageblatt vum 11. Abrëll 1950

*Ich muß sagen, daß die Hauptstädter mich gestern nicht enttäuscht haben.*

*Loin de là ! Mochten auch hageldicke Schlossen auf uns herniederprasseln, so waren gestern morgen doch alle - Urahne, Großmutter, Mutter und Kind Emmausbesucher - zur Stelle.*

*Istdas-inmittendesKaltenKrieges-nichteinvertrauenerweckender Barometerstand ? Und die «Peckvillercher» müssen vor Stolz geradezu geschwollen sein, ein solches Aufgebot unentwegter Emaischen Besucher zu sehen. Ein Beweis dafür, daß alle Hauptstädter das Herz noch am rechten Fleck haben, mögen auch Regenschauern in rauhen Mengen herniedergehen.*

*Es war wirklich rührend zu sehen, wie die Budenbesitzer alle zehn Minuten mit Planen u. Oelhäuten zur Hand waren, um ihre Herrlichkeiten - natürlich vom Kinderstandpunkt aus gesehen - in Sicherheit zu bringen. Aber es waren ja lauter Kinder, kleine und große, die jeder Wetterunbill zum Trotz, unbeirrbar ihre Runde um die ebenfalls stoischen Standbesitzer machten.*

*Am wohlsten fühlten sich die Goldfische, die sich vor dem Regen nicht zu fürchten brauchten. Aber auch den Gummipuppen war es quietsch-egal, ob sie naß oder kalt eine Kinderhand glücklich machten. Ja selbst die «Peckvillercher» waren so wetterfest gestrinhen, daß eine Sintflut ihnen nichts hätte antun können.*




*Anders war es mit dem Mann, der «Engelshaar» verkaufte. Da wurde denn flugs ein Regenschirm aufgespannt und mit wahrer Engelsgeduld das duftige Gewebe gesponnen.*

*Auch die zahlreichen «goldenen» Löwen mußten oft in Sicherheit gebracht werden, desgleichen ganze Bataillone von Schutzengeln, denen der Regen das Talmi-Gold von den Flügeln geleckt hätte. Ihr habt - die ihr nicht dabei gewesen seid - ja keine Ahnung, was es heißt, die Wahrsagebriefe von 12 Monaten binnen 12 Sekunden vor dem Aufweichen durch den Regen zu schützen. Von den Zucker-Bergen gar nicht zu reden, obschon der Mann mit dem Zuckzuck-Himalaja auch im dichtesten Schlossen-MGfeuer seelenruhig an seiner Nougatwand weiterschabte.*

*Genau so waterproof war Herr Chefbrigadier Michel Bernard, der wie einstens Moses die Prinzessinen Marie-Adelaide und Marie-Gabrielle durch das rote Meer der Luftballone lotste, in der Kielspur die HH. Lambert Schaus und Georges Schmitt. Gegen Mittag war einfach keine Spur mehr von den Nosbusch›schen Tafelfiguren zu finden, die um diese - Zeit nicht wahr, Rosi ? - schon auf manchem Emmaus-Schmaus Peffer und Salz graziös darboten.*

*Am Nachmittag hielt der Wettergott, der wohl ein regelrechtes Pfeifkonzert der «Peckvillercher» befürchtete, mit seinen schweren Regenböen zurück.*

*Aber am schönsten war es doch morgens, als wir alle klatschnaß auf einer schmalen Bank «unter den Steilen» saßen und dem inneren Adam mit wahrer Fidulitas einheizten.*

*(Weider an den Alstad News 24)*

BICHER BAZAR
4. Dezember 2016
vun 10h00 bis 17h00
zu Jonglënster
AM CENTRE POLYVALENT
GASTON STEIN
LËNSTER BICHERCLUB LUXEMBURGENSIA a.s.b.l.
5 rue de l'Ecole
L-6169 Eschweiler
http://www.bicherclub.lu
Verkaf vu gebrauchte, vergraffen an antike Bicher vun all Zort.
Hei fënnt jidderee säi Buch!
Fir lessen an Drénken ass gesuergt.